



1. A K T: Zörmer bei der Joffer ESMIRA

(Etalage - Dösch - e puer Still)

1. S c é n

(ESMIRA stét beim Dösch, virun sech e Wäschkuerf voll Fuesendskichelcher. Sie strét durch e Siff Pudderzocker (op d'Gebäck a lét de' fèrdeg op e Plateau. Wann de Vorhang opgét zielt se)

ESMIRA: 27, 28, 29.

A d a : (könnt vu rechts) Ei, we' dofteg: D'Wässer léft engem jo schon am Mond zesummen, wann én se blo's bekuckt. Sie lâchen engem richtig entge'nt.

ESMIRA: Löss se lâchen. Wann d'ganz Haus nömmen net ze vill derno richt. Et brauch jo net jidderén ze wössen, dass mir haut Fuesend gemâch hun. Nujé, t'ass Lichtmössdâg, da göt an déne méschten Heiser Fuesend....An ech muss jo menger Niece Helga eng Iwerraschung mân. Denk Ada, an e puer Stonnen ass se schon hei, an sie soll bleiwen eso' lãng we' et hir gefällt. Mé sie soll net gleich wössen, dass sie mat engem Fuesendskaffi empfãng get.

A d a : A wann s'et och nach riche ge'f, et ble'f ömmer nach eng Iwerraschung. Well eso' eng Fuesend we' de' dô brengt nemmen d'Joffer Esmira fèrdeg. Wann én de' Denger do geseit, da mengt én dach, t'misst én de Mond opreissen an zo'beissen.

ESMIRA: Reiss en nömmen net gro'ss op....Well t'ass t'et wéss... Sie sin ôfgezielt. Dass keng fortkönt vir der Zeit... Dât warnt Schmalz dron ech gleich an d'Spönnchen. Mâch d'Fönster op, dass de Geroch verschwönnt. (ôf)

2. S c é n

A d a : Nén, eso' eng Kûschtegkét. Le'wer le'ss dé Geiersâck sech jo a Stécker reissen, ass we' engem elo e Kichelchen ze schmâchen gin. An dobei sin ech schon 5 Jôer am Haus, hãlen et bei hir aus. An sie wés, dass ech d'Fuesendsbre'dercher fir mei Liewen gâr iessen. Ma hir Niece Helga, össt dach dé ganze Bierg do net op? Oder soll de' eso' e Fre'sssâck sin...Nujé, sie könnt aus der Stãdt. Iwerhãpt sin ech gespãnt we' den Owend alles gét. Do fãle nés vill Sãchen zesummen...Ge'nt 5 Auer könnt de' nei Môd. An en 7 Auer könnt d'Helga ugeréckt, de' lãng erwãrten Niece. Oh, et ass och nach net Owend!! Ei, ech duerf de' Kichelcher net bekucken, soss gét et fir e puer. E me' oder we'neger, dât geseit de Knéckjang net. (streckt d'Hand aus fir én ze huelen, iwerdém könnt d'Joffer Esmira)

3. S c é n

ESMIRA: Ada, ech son, se si gezielt.

A d a : Ech wèrd se dach kucke können.

ESMIRA: Kucke kannst du, né ge'h net ze nó (et he'ert é Kanner hannert der Bìhn sangen)

4. Scén

Le'wer Herrgottsblieschen, Gött ons Speck an Iebessen,  
E Pond, Zwé Pond, Dât anert Jôer da gött der gesond,  
Lôsst de' jong Leit liewen, All âl Leit derniewent,  
An der Joffer Esmira, Scheck en extra Segen,  
Dass sie ârne Kanner soll, Vill gutt Sâchen réchen.

ESMIRA: Ah Kanner, dat huet dir gutt gesôt. Sot mer de' lèscht  
Stroph nach émol.

KANNER: "An der Joffer Esmira, Scheck en extra Segen,  
"Dass sie ârne Kanner soll, Vill gutt Sâchen réchen".

ESMIRA: Brav, extra brav.  
Ada, lo fir jidderént e Fuesendsbre'tchen an de Kuerf

Ada: Ent énzegt?

ESMIRA: Ent fir all Kand, dât mech drei. An dât gét duer. An nu  
sprangt, Kanner. (beglét se zur Dîr)

KANNER: Merci, Joffer Esmira. Au revoir.

Ada: Wirklech, sie huet sech iwertraff.

5. Scén

ESMIRA: (hölt e Stull, stellt sech virun d'Etalagen a körmt drop  
(zum Ada) Ada, nu réch mer d'Kuerbel erop. (setzt se op  
d'Etalage) So', do hun ech se ömmer virun den Len. An si stin op  
der Seit wann én era könnt. Nu raum nach hurteg op. Kuck och  
émol am Helga sein Zömmer eran op alles an der Reih ass. An dér  
Zeit huelen ech dât geblunten Döschelduch aus dem Schâf.

Ada: Gleich, Joffer Esmira....

ESMIRA: A wann de' nei Môd uköntt, bringst du hir gleich d'Ge-  
wunnegte vum Haus bei. Du kannst dat jo am bèschten.  
We' hèscht se scho ne'?

Ada: Amalia Batowi...

ESMIRA: Dén zwéten Num fällt scho ganz ewech. Dén e'schten ass  
ze vill gewe'nlech. Ech nennen se einfach Mali, an domat  
basta (ôf).

6. Scén

Ada: Also ze vill gewe'nlech...an durfir muss d'Kand Mali  
héschen. Onerhe'ert én einfach ömzedéfen. An do get net  
gefrôt...: Wölls de oder wölls de net." Et hèscht:...ech nennen, an  
domat basta." Ech si gespânt we' de' nei Môd ausfällt. Hoffent-  
lech ass sie net me' - eso' knapp am Kascht gehâlen, dass sie  
nô e puer Dég nés duerch d'Bascht ass, we' drei vun hire Vir-  
gängerinnen an enger Woch. - An do kann ech der Joffer priedegen  
so' vill ech wöll... Jo Ada, gewöss Ada, hèscht et ömmer, an da  
firt se virun, engem all Meifelchen ôfzezielen, dén én an de  
Mond stecht.

Aha, do hätt ech och d'Geléenhét fir d'Fuesend ze  
schnâchen!; Derno bleibt dach keng me' fir mech iwreg. (hölt de  
Stull, récht no der Kuerbel, kippt se öm, an d'Bre'dercher läfen  
um Buedem) Donner an Doria! Do ste'en engen gleich all 14  
No'thelfer mat enén bei. (gött sech un d'Oprâfen, össt iwerdém)  
Ei we' gutt.... Pankrätius, Servatius. Eso' gudder hât ech nach  
net! Hätt ech se nés all um Schâf. (klömmt op, stellt d'Kurbel  
op de Schâf) Eso'....

ESMIRA: (vu baussen) Ada: (Keng Entwert) Adaaa!

Ada: Direkt Joffer. (kiert nach all Zéchen vun de Dre'dercher ewech)

ESMIRA: Ada, spèr se<sup>er</sup>er d'Dir zo': D'Zigeinerin Liesch könnt grad op eis Dir zo'. Si ge'f ons jo òm all onst Gebäck brengen.

Ada: (òf, ass kaum eròf, da rubbelt et schons un der Dir) Elo war et Zeit...De' ass haut hurteg òfgespeist.

### Z. S. c. é n

LIESCH: (könn't vun der aner Seit eran) E sche'ne gudden Owend all zesammen.

ESMIRA: Wat...d'Zigeinerin...i wo' kommt dir dann hier? War d'Dir dann net gespàrt??

LIESCH: Ass et vîr zo'? da gin ech hannen eran, well haut göllt et, ech hun eng extra Wuer.

ESMIRA: (lues) We' konnte mir de' hönnescht Dir dann och vergiessen...Haut kann ech neischt kâfen, well t'si schlecht Zeiten.

LIESCH: Schlecht Zeiten...Hei schengen d'Zeiten net so' schlecht ze sin, wann et eso' nô Fuesend richt. Et ass jo och Lichtmössdâg...??:

ESMIRA: Dir wàrt den Doft nach vun lèschte Jôer an der Nues hun.

LIESCH: Ah nèn...dén do ass frösch...Mais wann ech och eng Dosen der bèschter Kuchen hätt, ech e'ss kén én, wo' d'Hiel eso' verduerven ass.

Ada: D'Hiel ass verduerven...Wât dir net sôt.

LIESCH: Verduerven...total vergöft.

ESMIRA an Di: (ganz ängschtlech) Vergöft!?:

LIESCH: D'Leit kre'pe Bauchkrämp vun Gebäck, sie be'e sech vu Peng, sie kre'fen de Ge'genhonger...Sie iessen an iessen a gin net sât. An herno ass d'Beschewung dô.

ESMIRA: (opgerégt) Wat dir net sot.....

Ada: (ziddert vun Angscht) Dir wöllt eis foppen...

LIESCH: Et ass mir bören Mescht. Huet dir dann d'Zeitung net gekukat...do stét et dran.

ESMIRA: Ada, huel de Kuerf eròf. (zur Zigeinerin) Nu kuckt iech se un, sin de' dann net we' gemòlt? an de' solle vergöft sin?

LIESCH: Ei jo, we' sche'n. An dach wàr ech net eso' keng én ze iessen. Vu baussen geseit én neischt, si hun et bannen.

ESMIRA: Si hun et bannen...

Ada: Liesch, dir sit eng ze'h...Iech dét et neischt, wann dir eng Fuesend ubeisst.

ESMIRA: Jo, Liesch, probe'ert eng.....

LIESCH: (hölt eng...) Ech, soll de' probe'eren...mir villeicht eng Kränkt huelen...oder eso'guer der Do't...Nèn...nèn... (beisst dran) Nujé, well dir et sit, Joffer Esmira, mé gâr man ech et net (össt se).

Ada: (opgerégt) Spirt dir eppes, Zigeinerin?

LIESCH: Eso' /gét<sup>se'er</sup> dat net. Do muss én der scho me' iessen (hölt en 2, en 3.) Elo könn't de Ge'genhonger...dât ass dât e'scht Zéchen.

- A d a : De Ge'genhonger, oh jé, oh jé, dé spiren ech och schon.  
LIESCH: Den Hals gét mir scho ganz dréchen. Breng mir hurteg ze drenken.  
ESMIRA: Wässer Ada, se'er Wässer!:  
LIESCH: (verstellerech) Net kâl, warm muss et sin. O mein, o mein, elo fängt et un mech hei ze drécken... (weist op d'Herz)  
ESMIRA: Breng Kaffi, Ada!:  
LIESCH: Jo, eng Tâss voll, ....och Müllech dran an Zucker.  
A d a : Hei, Liesch, drenkt net ze se'er... o mei, et get mir och scho schlecht.  
LIESCH: Elo ass et richtig dô (dre'nt sech no alle Seiten) O, de' Krämp.  
A d a : Ech hun der och....au....au....  
ESMIRA: Ah so', da wars du och scho mausen.  
A d a : 2 Stéck blo'ss, Joffer ..2 Stéck..Ech wöll keng enzegt Fuesend me'...  
LIESCH: (hölt eng Fläsch aus hirem Kuerf) Hei Ada se'er. Drenk hei vun e Schluck. Et ass Mélissegéscht....Da kânnt du nach gerett gin. (Ada drenkt) Nun och mir e Schlupp. 25 Frang kascht de' Fläsch, Joffer Esmira, Dir musst se elo bezuelen, well s'opgemâch ass. Eso' eppes sollt dir och ömmer an Haus hun.  
ESMIRA: 25 Frang..Eso' vill sin eis Kichelcher net wèrt. (hölt de Kuerf a schött se' zur Fönster eraus) Fort ass den Deiwelsdréck...Un dém soll kén sech me' vergöften.  
LIESCH: Recht huet der Joffer, Dir sit der lass, an ech hun d'Peng..Ech kann net me' hei sötzen, ech muss fort.  
A d a : An d'Kammer dann, de' lichte ko'men, Joffer Esmira. Wat soll dat da gin?  
LIESCH: Wievill sin et der?  
A d a : Hirer 7...  
LIESCH: Dann hei, 7 Fläschen Melissegéscht, verdönnt fir d'Kammer De kascht 15.-Frang d'Fläsch.Lâf se'er Ada, ir et ze spe't ass.  
ESMIRA: Ech gin d'Geld sichen (Ada an Esmira ôf)

### 8. S c é n

LIESCH: (krömt sech vu Lâchen) Dir éfâlleg an dabozege Dâboen (weist op d'Stir) Iech kann én awer licht un der Nues erömfere, ha..ha..ha..Ech wollt mech awer rächen, well der mer d'Dir just op der Nues zo'geschlôen hutt. Wiem seng Nues soll elo am bèschten ewech kom sin? Ha..ha..ha..An herno fôllen ech mir nach mei Kierchen mat dénen gudden Bratzelen, de' de' domm Tôtz zur Fönster ausgeschott huet, ha..ha.. Wann de' âl alt nômmen net ze lîng ewech bleiwt, soss huet nach en aner d'Bratzele fond...Ech muss elo fort, soss wann de' âl Tôtz erem erauskritt, dass ech se ugeschmiert hun da kann et sche' gin.

### 9. S c é n

ESMIRA: Hei 130.-Frang. Et dét mer jo léd derfir. Mé we' gesôt ech muss Iech nach dankbar sin, Liesch. Duerfir kritt dir och nach en décke Sou Drenkgeld.

LIESCH: Merci, Joffer Esmira... wann dir nach emol Bratzele  
mâcht, lösst mech se ömmer viraus schmâchen? Heddi -

ESMIRA: Eso' bal get et keng Fuesend me' bei eis..Hiddi Liesch.

10. Sc é n

(Et schellt)

ESMIRA: O Trippel an Treppel!!! Dat wärt elo de' nei Môd sin,  
an ech sin eleng. Wujé, da le'eren ech se selwer un.

11. Sc é n

(Helga könnt eran mat engem gro'sse Koffer..Poche asw.  
(setzt d'Sâchen, de'f ôtmend nidder.)

ESMIRA: Bass d'endlech dô, le'ft Mali?

HELGA: Mali??? Ech hêschen dach...

ESMIRA: Ech wés, ech wés beschéd; e ganz onme'gleche Num..Dun  
hun ech geduecht ech ge'f dech Mali nennen. Mé mierk  
dir gleich, ech dulde guer ké Widerspruch a mengem Haus.

HELGA: Mais ech sin dach....

ESMIRA: Et ass scho gutt...dat ass alles net eso' schlömm, mir  
verstin eis schon

HELGA: (erregt) Elo ge'f ech och emol schwätzen..ech hêschen net  
Mali..ech

ESMIRA: Ro'eg, ro'eg, Joffer, ech si kén Ongeheier, a mir gewin-  
nen eis schon zesummen. Wölls du?

HELGA: Jo, ech ge'f jo schon.

ESMIRA: Geseis de mat guddem Wöll gét et.

HELGA: Duerf ech dann elo a mein Zômmer goen a mech erfrôschen?

ESMIRA: D'Jöfferchen ge'f och nach secher gär e Bad huelen an  
e bösschen raschten.

HELGA: Ei, dat wär sche'n.

ESMIRA: Dat get et awer net. Elo gét et un d'Arbecht, mir kre'e  
le'we Besuch, an duerfir fânke mir gleich un, d'Zômmer  
hei ze botzen. Dein Hut a Mantel dre't d'Joffer Ada dir an  
dein Zômmer, wann et erôm ass. Hânk s'elo duer an dé  
Krôp a stelle dei Gepäck duer an den Eck (Helga mecht dat)  
(Esmira bringt Schirteg a Biesem) So' ass et fein. Nu  
stréck e Schirteg ôm, hei ass e Biesem an da gi mir  
gleich un d'Botzen.

HELGA: Ech sin awer net kom fir hei ze schaffen.

ESMIRA: Du wölls net schaffen, a wat sollst du dann hei machen.

HELGA: (rennt ongerégt mam Biesem duerch d'Zômmer)

ESMIRA: A wat get dât dô?

HELGA: Ech kieren.

ESMIRA: Dat mecht én net eso'? Komm ech weisen dech.(mecht et vir)

HELGA: Mir hun duerfir e Staiubsauger.

ESMIRA: (get de Biesem erôm) Mir saugen eisen Staub selwer.Nu pro-  
be'er nach émol. Och den Dösch mechs du ôf,

HELGA: (fiert mam Biesem iwer den Dösch) Dat ass gleich geschitt.

ESMIRA: (schle't d'Hänn iwer dem Kapp zesummen)Den Dösch get net  
gekiert. Duerfir muss du en Duch huelen.

HELGA: A so'...(ergreift den Teppich dén un Buedem leit a rennt  
dermat iwer den Dösch)

ESMIRA: Ma Kand, dén ass jo voller Dreck.

HELGA: Oh dat ass manst (röselt den Teppich am Zömmen aus, dass de Stöps nemmen eso' fle't)

ESMIRA: Ge'h den Teppich an den Haff ausklappen.

HELGA: Oh gären, da kommen ech och hei eraus.

ESMIRA: Wanns du dann eröm bass, wäschs du de Buedem e we'neg ficht op, en ass stöpseg.

### 12. S c é n

ESMIRA: Ass dat en Elend haut mat déne Méd..Mais ech mengen, de' do ass extra donn. Oder soll mei le'ft Ada ömmer eso' geplôt gewiescht sin fir de' nei Méd unzele'eren. Elo gesin ech ere'scht, wêt e Schätz ech um Ada hun. Ech wärt hat an Zukunft vill me' estime'eren. (et schellt) Soll dat elo mein Helga sin, meng enzeg le'f Niece? (mecht op) (Mali könt eran) Esmira bre't d'Ärm weit aus, gét op et duer) O Helga, mei Kand, du mei le'ft Könnchen (dreckt et fest u sech)

M a l i: (ganz erstaunt) Awer ech sin dach...

ESMIRA: Jo, du bass e le'ft Kand, ech si fro' dech bei mir ze hun. Du solls awer och sche'n Dég hei verbrennen.

MALI: Ech sin dach kom...

ESMIRA: Fir dech auszeraschten, an dech gutt ze erhuelen. Ma gewöss, dat solls du och elo mán.

M a l i: Duerf ech dann elo an d'Kiche gôen?

ESMIRA: Wat denkst du Kand, du brauchst dach net an d'Kichen ze gôn, do schafft dach d'Mali.

M a l i: Mé ech si jo...

ESMIRA: Du bass nömnen hei fir dech ze versueren. A nu loss dech emol richtig ukucken. De Mond, d'Äen, de Könn, deng Mamm ewe' erausgeschnidden, just we' d'Resi, meng jengst Schwester.

M a l i: O ech nierken, dass, dass...

ESMIRA: Ganz de Verglach vun eiser Familjen, an ech sin eso' fro'h an ho'freg drop.

### 14. S c é n

(Helga könn mat Biesen, Schrubber, Emer, Torschong, Stöps-lomp an allerhand Sâchen fir ze botzen; d'Handbîscht huet et quier am Mond. Et tröllt mat all dém Gerömpel an d'Zömmen eran, könn guer net me' zo' wé a fe'ert e richtige Ring-kampf op, bis alles am Zömmen leit)

ESMIRA: Mali, a wat fe'erst du dann fir en Danz op? (zu Mali) Du muss dem Kand verzeihen, Helga, hat huet bestömmt nach net gele'ert botzen.

HELGA: An ech le'eren et och net, we'nestens net hei.

M a l i: Nu losst mech awer emol zur Ried kommen, Joffer. Do leit en Irrtum vir.

ESMIRA: En Irtum?! We' dât dann?

M a l i: Ech hêschen Amalia a net Helga.

HELGA: An ech sin Är Niece Helga, de' bei Iech an d'Vokanz soll kommen.

ESMIRA: A wo' hat ech dann de Kap? (fällt op e Stull - schle'st dann d'Helga an d'Ärm) An ech hun dech eso' gepengegt, du le'ft Kand. Wat sét deng Mamm wann sie dat he'ert.

Helga: Et war e sche'ne Spâss, le'f Tata; Sief ro'eg ech verrôden neischt.

ESMIRA: O merci mei Kand, ech misst mech jo och schummen.. An du, Amalia?

AMALIA: Och ech kann de Mond hâlen.

15. Scén

ESMIRA: Also Kanner, èrt Versprieche. Elo neischt verrôden.

HELG. a AMALIA: Eist B'rewuert (Lida stîrmt eran)

ada: Alles erlun a Bedrug... De' âl Liesch huet eis dichte gugeschniert. Hei liest.. (weist en Zeidungsartikel vun virun 3 Jôer)

ESMIRA: Den Artikel date'ert jo vun 1954.. (liest) Wegen der Krieseplage muss Gift in Feld und Scheunen gelegt werden, zum Ausrotten der schlimmen Nager. Darum bitte Vorsicht beim Getreidedreschen!" An den Artikel benotzt de' ékleg Zigeinerin fir eis ze hannergöen.. Ewell gött mir alles klôr... 8 Fläschen Medezin huet sie eis opgedrängt, an eis öm all eis Fuesensbre' dercher bruecht.

ada: Jiddenfalls si mir net me' domm gin durch de' Geschicht. Ech lösse mech an Zukunft bestommt net me' foppen.

ESMIRA: Hätte mir eis Fuesgebäck eröm, mir hätten all zesummen e sche'ne Welcome elo gefeiert.

ada: Ah so', eis Gäscht si schon dô.

ESMIRA: (zo' Helga a Mali de' sech zréckgezun haten) Kommt, kommt, dass ech iech virstellen. Hei meng le'f Niece Helga,

ada: Welcome bei eis!

ESMIRA: An hei eis nei Môd Amalia, ömgedéft Mali.

ada: Mir werden fro'h zesummen schaffen.

Helga a Mali: Wat eso' spâseg ugét wèrd och gutt endegen.

Mali: I well dir vu Fuesensbre' dercher schwätzt, wöll ech gleich bemierken, dass ech eng Köscht voll matbruecht hun. Ech hat geduecht ech hätt dan hurteg mein l. Nuechtleissen färdeg. Dat wär da gutt gerôden, well fir alles an der Welt wöll ech dach net schon den l. Owend mech blame'eren. Hei sin se (weist eng Köscht mat Dre' dercher)

ALL zesummen: Ei, ei, da könne mir jo nach den Owend Fuesend feiern.

(Jidderén hölt e Kichelchen an d'Hand an sie sangen)

Melodie: Doktor Eisenbart

1.

2

Wa Fuesend get ass jidderé fro'h	) Vil formeg gött si opgedöscht,
Widewidewit bom bom	
Et e's én der jo ömmerzo'	) bèscht
Widewidewit bom bom	) Am Schmalz gebäck ass si och gut
We' schmâcht eso' gutt si jong an	) An dem Wandbeidel löft dem Hut
Widewidewit juchheirassa	)
dém enge warm, dém aner kal	
Widewidewit bom bom	

3.

Mat Kaffi schmâcht si ganz apart,  
Mé iesst se frösch, soss get si hart  
wann den Owend frei dir huet  
Sitt dir op d'Fuesend agelued.

R i d e a u



2. A K T: Hôtel ESMIRA

1. Scén

(sche'nt Zömmer.- Mali wichest Schong - Et sengt no der Melodie: Es klappert die Mühle)

Am Hôtel Esmira göt löschteg gesongen ta ta  
Wann d'Mali hante'ert mat Stiwelen a Schong ta ta  
D'göt dichtege geriwen et get ganz gene  
.. kukt dach sie blenke we' d'Sönnchen am Mé  
ti ti ti ti ta ti ti ti ti ta

Dir Dammen an dir Hären all we' der do sitt  
Suergt dass dir a knaschtege Schong net me' gitt eijo  
Brengt mir se heihinnen ech gin en e coup  
An dir gitt eröm propper an d'kascht iech ké Sou  
eiji eiji eiji eijo eiji eiji eiji eiji

2. Scén

ESMIRA: (opgerégt) Awer Mali, elo ertappen ech dech schon de muergen fre'h eröm beim 3. Fehler. E'schtens hun ech dir gesôt, du solls net eso' fre'h sängen, am Hotel Esmira sollen d'Gäschd hir Ro'h hun. Zwétens, a wellechem Hotel gin dann d'Schong an engen Zömmer gewichest? An dröttens, wart den Här Polizist vun Nr.6 scho we' lang op seng Stiwelen.

M a l i: E'schtens, Joffer Esmira, wann ech fre'h sängen, mâchen si sech och fre'h aus de liddrege Better eraus. Zwétens sollen herrschaftlech Schong och herrschaftlech gewichest gin, an duerfir kann ech net an de Keller sôtze goen. Et héscht jo ömmer Nömmen herrschaftlech Leit solle bei eis op an zo' goen. An dröttens, kritt den Här Polizist geschwön seng Stiwelen. Ech si schon un dem zwéten.

ESMIRA: A wo' ass dann dén e'schten?

M a l i: Dé könnt drun, wann dén zwéten fèrdeg ass.

ESMIRA: Huet der awer schon eso' eng Onverschimthét he'eren. Oemmer fönt dat rabbelegt Geschirr vun haut eng Ausried, a firt dem Alter iwer de Mond, dass én sech schummt fir sie. Wo' konnt ech iwerhâpt och nömnen den Hotel hei iwerhuelen. Ech hu gemengt, well e mein Num dre't, könnt ech kén aneren d'Lédung der-vun fe'eren ewe' ech. Joffer Esmira, Hotel Esmira, dat klengt eso' sche'n. Mais bis elo hat d'Joffer Esmira am Hotel Esmira scho vill Me'h a Suerg. Hoffentlech kommen nach besser Dég. (iwer de lèschte Wieder erregt ôf)

3. Scén

M a l i: Hat de' âl Kre'schelheck dann och ne'deg den Hotel hei z'iwerhuelen. "Der ewigen Esmira satt" huet én et sât. Et wés én net me' op én d'Joffer am Hotel oder den Hotel an der Joffer ass. "Ech schwätze gär wann ech gelifft mam Hotel Esmira". "Ech lo'ne gär en Zömmer an der Joffer Esmira." Wo' soll dann do e Mönsh nach klug gin an all dem Duerchhernén. Ech hu missten op Mali öngedéft gin we' ech virun drei Jôer mech bei der Joffer verdangt hun, well Amalia ze gewe'nlech ass. Ech hésche jo och wuel le'wer Mali we' Amalia, mé da soll och d'Joffer sech ömdéfen oder hirem Hotel en aneren Num gin. Sie brauchen jo nömnen einfach ze soen: "Joffer Hotel Esmira - oder - Esmira Joffer Hotel ... Nun t'ass egal si kann och hésch e we' si wöllt an hirem Hotel kann och hésche we' e wöllt, mé ech sin net me' langdran. Wann sie mech net fortjôen, da gin ech vun selwen.

4. S c é n

M a l i: (et schellt) Oh a wie soll dan elo eröm melde kommen?  
(et klappt) Entrez...

5. S c é n

RULLI : Mir brengen e Kamion Kuelen fir d'Joffer Esmira, égenhänneg bestallt vum Hotel Esmira de 14. Januar 1959. Well de' ganz Joffer Esmira muss duerch an duerch gehötzt gin, liwre mir den 2. Kamion schon iwer 14 Dég. Wöllt dir dann och gelifft eso' gutt sin dem Hotel Esmira dat matzedélen a mir dann den Ziedel önnerschreiwen, dass ech meng Kommissio'n richtig gemacht hun.

M a l i: Jo mei Klengen, du hues deng Kommissio'n richtig gemacht, Stell mir nömmen e Säck Kuelen hir, dé brauch ech, an da sés de dengem Papa villmols merci a knobber dé Chocolat hei önnerrwé wälls du deng Kommissio'n apart gut gemacht hues.

Rulli: Reddi a merci (ôf)

6. S c é n

M a l i: Schö nés eng Ke'er den Hotel an d'Joffer an/den Hotel. Nujé wat mir dru leit. Mé de' Kuelen kommen mir grad recht. Ech ka mir et och emol genitlech mân a mengem kalen Zömer So'bal ech elei opgeräumt hun, verschranzen echs e, et brauch jo net jidferén seng Mues dran ze strecken.

7. S c é n

(Helga beglét vu Manda, Gesellschafterin a Sekretärin vun der (Zirkusdirectrice Risa Risanda)

HELGA: Awer, Mali we' leit nach alles hei dorömmen. (zo' Manda) Dir musst entschöllegn, Joffer, et ass haut neischt me' mat de Méd lass. Mé lösst iech durch de' Unuerdnung hei net op'hälen an eisem Hotel ze quarte'eren. Et ass eng E'er fir eis, Directrice vum Zirkus Risa Risanda mat hirer Sekretärin ze lo'ge'eren. Dat mech Reklam a meng Tatta wés bestömmt de' E'er ze schätzen.

MANDA : Dieft ech iech bieten mir de' verschidden Zömmen ze weisen, de' eis zur Verfügung stin. Oder soll de' le'f Jöfferchen hei Iech villeicht d'Arbecht spueren, wann dir nach aner Gäscht empfanke misst.

HELGA : Mali soll seng Arbecht mân, hat huet sech net öm d'Pensionnären vum Hotel ze kömmeren.. Môd ass Môd...

MANDA : (blinzelt dem Mali zo')Also! Mé wann ech iech derange'eren Joffer (iwer dem Fortgöen) ma mir et kurz.

8. S c é n

M a l i: Dat ass jo d'Manda, meng bèscht Fröndin...A wuer huet hat sech dann nemmen higewôt. Wann et mir net huerteg gebleckst hätt, ech hätt eis gleich verrôden, well de Mond wor mir opstôe bliwen, we' ech hat gesin hun. Vu Staunen ass him och bal de Verstand stôe bliwen we' hat mech gesin huet.

Mé wat d'Helga sech eraushölt! Könnt dén ho'frege Geck all Jôer drei Me'nt hei an d'Vokanz, sech gutt fudre lössen an alles dirise'eren. - Aha do könnt jo mei le'ft Manda.

9. S c é n

(Manda a Mali hun sech lang net me' gesin, ömärbelen sech)

MANDA: Amalian du hei.

MALI: We's du geseis, Mais dass de et wés, hei muss du mech Mali nennen. D'Joffer Esmira huet mech öngedéft. A wo' dreifs du dech dann eröm?

MANDA: Ech sin Sekretärin a Gesellschafterin beider Zirkusdirectrice Risa Risanda. Mir sollen e puer Zömmen hei lo'nen fir e längeren Oventhalt well meng Méstesch muss sech onbedengt erhuelen. Mé du schengs e richtegen Botztrampel hei ze sin. Vun alle Seiten göss du ugerannt. Nén dât muss elo ânescht gin.

10. S c é n

(D'Madame Bambel streckt de Kapp op d'Bühn an der Muetschauf)

BAMBEL: Dat ass jo onerhe'ert. Hat ech net extra gesôt, du solls mech um 6uer erwächen, ech misst mam e'schten Zug fort. Ech hat der et fest op d'Hèrz gebonn du solls mech einfach aus dem Bett geheien, wann ech net opstoe wöllt well ech e Schlôf hun we' e Rât. Du âle Petrolskänki. (schle't d'Dir fest zo')

MANDA: Dat do ass over allerhand, eso' guer Kurgäscht ranzen dech un.

MALI: Nén, dat do ass nach guer neischt. Dann hâtts du sollen de' he'eren de' ech um 6uer wirkleech eraus geheit hun.

MANDA: Hats de dann de' falsch erwöscht?

MALI: Jo d'Baronesse vun Dudersheim.

MANDA: Du armt Kand. Ech mengen et ass Zeit dass ech hei ukom sin. Ech verstoppen mech hier a kucken dém Spâss nach e bösschen nô. (verstoppt sech)

11. S c é n

(Hannert der Bühn he'ert é Krésch)

TAPSI: ( e klenge Jong léft am Pyjama iwerd' Bühn, verfollegt vun engem Polizist, zur Seitend'ir eran, zur anerer eraus an der Môt éran éran, eng interessant Verfolgung - Tapsi an der Mingscht, Polizist ganz opgerégt.)

POLIZIST: Ech kre'en dech awer, du Rubbeler, du Spetzbow, du ruckelzeche Kèrel.

TAPSI: Ech war et net et war de Pitt vun Nr.14 (zo' enger Dir éran, zur anerer eraus)

12. S c é n

MALI: Firwat de' Juegd? Wat huet dé Jong verbrach?

POLIZIST: Ech wèrd him et soen wat hie verbrach huet. A hei meng Stiwelen. Hier dermat, dass ech besser lâfe kann. (dét d'Stiwelen un) (fort)

13. S c é n

(Wann de Polizist fort ass, könnt den Tapsi duerch (d'Môt éran, léft op Mali zo' a kreischt)

TAPSI: Mali verstoppt mech, wann de Polizist mech fönnt, spèrt e mech an de Back.

M a l i: Bass du et klengen, Tapsi? A wat hues du da verbrach?

T a p s i: De Polizist huet geschnarcht ewe' eng Wandmillen. De Pitt an ech wollten e Ständchen zo' dém Geklapper sangen. Mir hate genengt dat ge'ng dann e sche'ne Concert-masi. Kaum hate mir ugefäng du ass de Polizist erwächt. De Pitt ass se'er önnert sei Bett gekroch, an ech si verduft. An eso' ko'm de Pitt dervun, an ech muss d'Pân klâcken.

M a l i: Stief ro'eg, Tapsi, ech wés eng Stop (gét e Sâck sichen a stecht den Tapsi dran) Mun eran an de Sâck, Hei stét e Sâck Kuelen. Wann de Polizist erôm kömmt stin eben 2 Sâck Kuelen hei. (Tapsi an de Sâck)

#### 14. S c é n

POLIZIST: Wo' soll dén Deiwelskèrd sin. Bestömmt huet hien sech verstoppt.

MALI : Soll ech höllefen sichen, Här Polizist?

POLIZIST: Da ge'fs du mech absichtlech îrfe'eren, well wann en hei ass, bass du mat am Spill.

MALI : Abé, wann et e Spill ass, dann höllefen ech op eng aner Weis (jé no dém de Polizist weit oder nô ass beim Sâck) sét d'Mali, : wamm, kal, Feier, Flâm.

POLIZIST: (No enger Zeit) Bei de Sâck ass et Feier a Flâm. Ma de Jong kann dach net an engem Sâck stéchen (ganz be's) Ech frôen dech wât an déne Sâck ass?

MALI : Kuelen, Här Polizist.

POLIZIST: A duerfir sés du Feier a Flâm. Das t'et wés, ech lósse mech vun dir net foppen. Mir Polizisten hun och eng fei Nues fir all Kniffen erauszefannen. Du wölls mech nômme läng hei ophâlen, dass de Lausbo'f gut Zeit huet z'entwösch. Awer eso' licht le'sst dén hei sech net fänken (se'er ôf)

#### 15. S c é n

(Mali mech de Sâck op, Tapsi kömmt eraus an huet s ech (selwer am Sâck geschwärzt an ass en Neger)

MALI : (lâcht) O Tapsi a we' geseis du eraus! Hei kuck dech enol am Spigel,

Tapsi: (kuckt an de Spigel) Hei, ech sin en Neger gin. (sprengt frô'h derörmmer sengt dann op d'Melodie: Studio auf seiner Reis. - Mali sengt mat...beim Refrain e fro'hen Dänzchen)

Wann dir enol verfollecht gitt  
An dir sitt vum Lâfe mitt  
An dir huet keng Köscht ké Pâck  
Lôsst iech stied en an e Sâck.

Wann da kömmt de Polizist  
dén we' benzeg nô iech sicht  
kann him net fâlen an  
Dass de Bo'f am Sâck ass dran.

Awer Be'fchen göff gutt uescht  
Wat an Sâck wor önnnerbruecht  
Soss gés du als Tapsi dran  
An eraus als Negermann.

MALI: An nu se'er önnner de Krumm. Soss gött et eng zwét Juegd. An dann ass de Papp hannendrun mat der Rutt.

T. PSI: Oh jo, dé fèrten ech nach me' we' de Polizist. Mais Mali, wann de Polizist emol hanner dir drun ass könnst du bei mech, ech stéchen dech dann och an e Sâck.

MALI : Awer net an e Kuelesâck.

T. PSI: Mén, an e Mielsâck. Herno stellen ech dech dann bei e Schne'mann, an du bass dann d'Schne'frâ.

MALI : Nun awer se'er verduft.

T. PSI: Ha, ha, ha, merci! (ôf)

### 16. Scén

M. NDA: Du hues jo e richtigt schauspielerescht Talent., Mali. Dat könnst eis bei mengem Plan zo'pâss.

MALI : Bei dengem Plang. In dé wär?

M. NDA: Dat wërd ech dir elo gleich weisen. (reisst dat knaschtegt Schierteg erôf an dét en élégant Kléd un)

MALI : Wat gét dech un?

M. NDA: Ech man ang Schauspielerin aus dir (klét et als Schauspielerin) Hei nach de schwärze Bröll, dé mecht dech ganz onkenntlech. Elo gös du d'ech als Directrice aus, Risa Risanda, a verschâfs der emol Respekt am Hotel.

MALI : A wann d'Joffer Esmira mech da brauch.

M. NDA: Da bass du se'er erôm verwandelt. Natirlech muss et se'er göen, ma Schötzegekét ass keng Hexerei.

MALI : A we' lång soll dat Spill dann daueren?

M. NDA: Bis sie all beke'ert sin.

### 17. Scén

(Lida an Helga mat Blumen)

M. DA : Ech hun de' sche'nst Ro'sen erausgesicht, firder Directrice hirt Zömmen nach ze röschten. Ro'sen zo' döser Zeit si rar, mé wann et der feiner Damm bei ons gefällt da gôt eist Hotel weit a breit berühmt.

HELGA: Sie wärt geschwönn ukommen, wann nömmen alles gutt get ..

MALI : Sie ass schon hei..Ech sin eigentlech net ganz enchanté'ert vun dém Empfang. In ganzen Hotel wés emol kén dass ech schon ukom sin.

HELGA: Entschöllegt villmols gnädeg Damm, Meng Tatta ass bestömmt elo vill beschäftegt soss hätt si schon e würdegen Empfang berét.

Lida: Ech wöll gleich d'Joffer Esmira averté'eren (ôf)  
Dërf ech e Kaffi fir d'Joffer Directrice bestellen?

HELGA : Zesummen sollen de' vere'ert Dammen serve'ert gin. Dierft ech iech nach Gesellschaft léschten bis an èrt Zömmen?  
Da schécken ech gleich d'Mali mat engem gudde Kaffi.

MALI : D'Mali? Ass dat villeicht d'Vertrauensperso'n vun der Joffer Esmira?

HELGA: Oh nén, dat ass eis Hôd;

MALI : Ei we' garschteg eso' vun dém Kand ze schwätzen. Ech frée mech wirklech fir hat ze gesin a wöll extra gutt zo' him sin.

HELGA: Oh, t'geschitt him guer kén Ongleich hei.

MALI : Ech rôden och net derzo'. Scheckt mir et gleich mam Kaffi (Mali a Manda ôf)

18. S c é n

(Joffer Esmira an Ida kommen )

HELGA : (fir sech) Nén, de' selwecht Stömm, de' selwecht Men.

ESMIRA: Wo' sin de' gnädeg Dammen?

HELGA : An hirem Zömmen. Iwer ech sôen, d'Mali we' durgespaut.

IDA : Ech hun dat gleich gemierkt.

ESMIRA: Wat dir net sôt., Dir rufft gleich d'Mali---

HELGA : O jo, hat soll de Kaffi brengen (rifft an d'Kichen)  
(keng Entwert) Maliii.

MALI : (als Môd) Hei sin ech jo.

HELGA : Breng gleich der Zirkusdirectrice an hirer Sekretäarin  
eng gutt Tâss Kaffi. Dés allerbèschten, wés du.

MALI : Dés allerbèschten - dat wèrde mir emol kucken.

IDA : An och de' feinsten Tassen huel aus dem Schâf.

ESMIRA: A behuel dech ganz mane'erlech, well dass eng nobel  
Herrschaft.

MALI : (am fortgôen) Et wèrd alt net eso' schlömm sin mat déer  
noblesse.

IDA : Wann dat do alt haut neischt ustiwelt.

(Mali könnt man Kaffisplateau iwert d'Bühn)

ESMIRA: Nu sief ganz he'flech.

MALI : Ech wèrd de' Herrschaft scho gutt bedengen.

HELGA : Hätt d'Joffer Directrice dach net nom Mali gefrôt, dann  
hätt ech Bewirtung selwer iwerholl.

ESMIRA: Dat hätt ech och vill le'wer gehât. Do könnt d'Mali jo  
schon erôn.

HELGA : We' gefällt et der Joffer Directrice?

MALI : Sie mengt hirt Zömmen wär net ganz apart. An ass ziemlech  
onzefridden, dass d'Wässer eso' lânscht d'Mauern erôf-  
léft. - Mais ech hunhir gesôt dass dach ké Champagner  
erôfläfe kann.

Zesummen: Schrecklech

ESMIRA: Wo' kanns du eis eso' blame'eren?

HELGA : Huet d'Joffer Directrice dann net gesôt, du wärs en on-  
gezogene Bengel.

MALI : O nén, Sie wollt mech engage'eren fir mat hir ze gôen,  
well ech eso' en adelegen Typ wär. And 'Joffer Sekretä-  
rin mengt ech könnt eng Schwester vun der Directrice  
sin, eso' ge'f ech hir gleichen.

IDA : Huet sie dat och erausfond?

19. S c é n

MANDA : Do krit jo d'Joffer Risanda en Telegramm sie misst  
gleich hém kommen. Könnst net en Auto bestellt gin?

ESMIRA: Mali, lâf gleich de Chauffeur averte'eren.

MALI : Direkt.

ESMIRA: We' schued, dass dir elo scho fort musst.

MANDA : Et déd eis wirklech léd, mir hätten eso' no'twendeg  
gehât hei ze raschten.

20. S c é n

- MALI : (als Directrice) Hun ech de' gro'ss E'er mat der Joffer Esmira ze schwätzen?
- ESMIRA: Onnerdengest begre'ssen ech de' edel Directrice Risanda. Ech bedauern, dass eso' unerwart en Telegramm si fortrifft.
- MALI : Ech bedauern et och, Joffer Manada, git gleich op d'Bank dé Chéque hei ale'sen.
- HELGA: Dierft ech villeicht den edlen Gäscht en Dengscht léschten?
- ESMIRA: D'Bank ass zo'. Mais gären höllefen ech aus der No't Dat ass jo eng Klenggekét fir eis.
- MALI : Mat Fréden huele mir Er Offerte un, Joffer Esmira, Mar schécken ech Iech d'Geld eröm. A versuergt mir besonnescht d'Mali gut, a kurzer Zeit passe'eren ech eröm hei, an huelen et dann a mein Dengscht. Natirlech wann hat averstänen ass.
- HELGA + ADA: Mir brengen d'Kofferen an d'Gepäck. (Kucken zur Fenster eraus) Den Auto stét scho start berét dobaussen.
- MALI : Au revoir dann all zesummen.

21. S c é n

- ADA : Et mengt én awer richteg d'Mali wär agestiegen.
- HELGA : We' ass eso' eng Lhnlechkét dach nemme m'gleich?
- ESMIRA: Mé elo si mir gutt eragefall mam Mali. Nu mach, dass kén him me' en hart Wuert get. Et wär amstand nach, sech bei dem Zirkus ze verdangen. Ma is eng fein Dam d'Directrice Risa Risanda. Schued dass si net me' kont bleiwen. (et schellt)
- ESMIRA: Ech erfe'ere bal wann et schellt. (gét opmâchen, könnt mat engem Ziedel eröm)
- ADA : Eng Depeche fir d'Joffer Esmira
- ESMIRA: (reisst op a liest) Wertes Fräulein Esmira! Mitgeteilt, dass gemietetes Zimmer neu vergeben werden kann. Dringende Pflicht ruft anderwärts hin. Entschuldigen Sie mein Nichtkommen. Durchreise später. Gezeichnet: Frau Risa Risanda. Filmdirektorin.
- ADA: Sie könnt net!!!
- HELGA: Sie war dach hei!!!
- ESMIRA: Ada, mir sin nach émol ugeschmiert gin. (rifft an d'Kichen) Maliiii.
- MALI : (als Môd) Hei sin ech jo - We' kuckt dir dann all dran?
- ESMIRA: Mir sin all sprachlos.
- MALI : (lâcht) O dir le'ert schon eröm schwätzen.
- ESMIRA, HELGA, ADA: Mir si gefoppt!:
- HELGA : De Filmstar war net echt
- ADA : de' richteg Directrice könnt net.
- ESMIRA: An de' falsch ass mat nengen 1.000.-frang fort.
- MALI : (lâcht) Hei sin de' 1.000.-frang
- ESMIRA, HELGA, ADA: Du wars.....
- MALI: Jo, ech war de' falsch Künstlerin. Ech wollt Iech emol weisen dass de Wert vun engem Mönch net um Num hängt, an dass och dé klenge Mann net ze veruechten ass. An dé blame'ert sech oft, dén nömnen op den küsseren Schein kuckt.